**Evangelium vum 21. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 13,22-30**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

22 De Jesus ass duerch Stied an Dierfer gezunn
an huet d'Leit geléiert;
esou ass hien säi Wee op Jerusalem zou virugaang.

23 Du sot een zu him:
"Här, sinn et der nëmme just e puer, déi gerett ginn?"
Hie sot zu hinnen:
24 "Gitt iech drun, fir duerch déi schmuel Dier eranzegoen,
well ech soen iech:
Vill probéieren der, fir eranzegoen,
ma si bréngen et net fäerdeg!

25 Soubal den Haushär opgestan ass an d'Dier zougespaart huet,
stitt dir dobaussen,
klappt un d'Dier
a sot: 'Här, maach äis op!',
an dann äntwert hien iech:
'Ech weess net, wou dir hierkommt.'
26 Da fänkt dir un ze soen:
'Mir hunn dach bei dir zou giess a gedronk,
an op eise Stroossen hues du äis geléiert!'
27 An da seet hien zu iech:
'Ech weess net, wou dir hierkommt.
*Ewech vu mir, dir alleguer,*
*déi dir soss näischt wéi Ongerechtegkeet opweises hutt!*[a]'

28 Dobaussen, do jéimert dir dann a grätscht mat den Zänn,
wann dir den Abraham, den Isaak, de Jakob an alleguer d'Prophéiten
am Herrgott sengem Räich gesitt,
selwer awer erausgehäit gi sidd.
29 Vu Sonnenopgang a Sonnenënnergang,

vun Norden a Süde kommen si hier
a sëtzen sech am Herrgott sengem Räich un den Dësch.
A kuckt, et gëtt Leschter, déi ginn dann déi Éischt,
an et gëtt Éischter, déi ginn dann déi Lescht."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[a] *Ps 6,9.*